

dass d'Attraktivitéit vun der Magistratur ervirgehuewe gött. Duerfir och merci, dass de Rapporteur eebe just deen Term vun der „Stärkung“ vun der Attraktivitéit vun der Magistratur ervirgehuewen huet, an onnëtz ze soen, dass mir mat Freed natierlech dëse Projet de loi matdroen.

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Hemmen. An elo wier et um Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, villmools merci. Och merci fir de Rapport. Ech wollt vläicht zwou Bemierkunge maachen. Ech mengen, mir ënnerstëtze selbstverständlech dat hei mat, well, wéi all d'Kollegen et scho gesot hunn, geet et jo drëm, d'Magistratur méi attraktiv ze maachen.

Awer ech wëlt awer och dem Här Rapporteur soen, dass mir déi Aise vun deene verschiddene Chef-de-corpsen ouni all „Schmunzelen“ zur Kenntnis geholl hunn. Well ech mengen, dass déi Objektiounen oder Reflexiounen interessant sinn. An et weist och, wéi bannen an der Magistratur eigentlech viles analyséiert gëtt. An dat si jo eigentlech déi Leit, déi d'Situation vun deene Corpsen am beschte kennen an am beschten evaluéieren. Also, dat heite Gesetz huet sécher Virdeeler. Et ass och néideg, dass mer méi rekrutéieren an der Magistratur. Do ass guer keen Zweifel. Mee ech mengen, mir mussen awer och dee Respekt weise géintiwwer de Chef-de-corpsen, dee se awer zegutt hunn, an och mat hiren Argumenter esou ëmgoen, wéi déi Argumenter et nun emol verdéngen.

Wat de Rekrutement vu Leit vu baussen ugeet fir Affekoten an esou weider, och do muss een oppassen. Dat gëllt elo net nëmme fir d'Magistratur, mee allgemeng fir de Staat. Jo, dat kann interessant sinn an enger Rei vu Funktiounen, mee dat huet och seng Grenzen. Dat huet och seng Grenzen, andeem dass eng Karriär jo och opgebaut gëtt, dass de Rekrutement vu baussen och ka Karriären duerjernebréngen, och Hoffnungen, déi Leit sech zu Recht maachen.

An et muss een oppassen, wann ee bei de Staat geet – an dat soen ech awer als ADR-Politiker ganz kloer –, dass déi Konditiounen vum Rekrutement och ëmmer zum Beispill d'Sproochekrittären, wéi se hei am Land gëllen, voll respektéieren. An ech schwätzen hei vun der Dräisproochegkeet an net vun enger Eesproochegkeet, zu där mer eis heiansdo hinorientéieren. Also just fir ze soen ... An dat gëllt, wéi gesot, fir toutes carrières confondues, dat ass elo net nëmme fir d'Magistratur, mee mir bestinn drop, dass een, dee fir d'Lëtzebuurger Fonction publique soll schaffen, ëmmer déi dräi administrativ Sprooch vum Land op héijem Niveau beherrscht.

Dat gesot, vu dass dat heiten awer eng néideg Reform ass, droe mer se mat. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Ech kann et ganz kuerz maachen. Merci dem Charles Margue fir dee gudden mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Mir sinn averstanen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizminnesch Sam Tanson.

#### Prise de position du Gouvernement

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Jo, merci. Merci Iech alleguerter fir dee breeden Accord zu deem extreem wichtegen Text. Och wa mer elo hei just kuerz driwwer debattéieren, et ass en Text, deen

eis ganz vill beschäftegt huet am Ministère, an och zesumme mat der Fonction publique, mam Groupement des magistrats, deene mer natierlech am Detail nogelauschert hunn, an och am Echange mat all de Chef-de-corpsen. Ech kann Iech do versécheren, dass mer am Dialog an am Respekt ee géintiwwer deem aneren am Echange sinn. Natierlech huet jiddweree seng Meenungen an herno ginn Decisiounen geholl.

Hei war eng laang Fuerderung, fir dee Conseiller honoraire ofzeschaffen, virun allem vusäiten och vum Groupement des magistrats. Et hat sech och e Gruppement zesummedoe vu Magistraten, déi elo an där Situation eebe wäeren, wou se da géifen iwwerspronge ginn. A mir hunn hei missen eng Léisung fanne fir de Friden an der Magistratur, deen extreem wichteg ass – ech mengen, eis alleguerter heibannen.

Doropshin hate mer eeben déi Negociatiounen, fir ze kucken: Wéi kënnen mer dat heite léisen? Wéi kënnen mer och dat kompenséieren, wat mer do ewechhuelen? A virun allem hu mer dann och nach profitéiert – an dat ass jo bei ville vun Iech uegklongen –, fir d'Karriär och no hinnen hin e bësse méi attraktiv ze maachen, wat natierlech grad bei Acteuren, déi e bësse méi spéit dann an d'Professioun erakommen ... Wat u sech am Beruff vun der Magistratur wierklech nëmme ze begrëssen ass, wann ee mat vill Erfahrung och kann ufänken a wann ee kann dorobber zréckgräifen, dass ee Leit huet, déi zum Beispill laang als Affekt geschafft hunn. An anere Länner ass dat och gang und gäbe. Hei zu Lëtzebuerg gëtt et dat natierlech och. Mir hu jo zwou verschidde Prozeduren, fir an d'Magistratur eranzekommen. Eng dovunner ass méi op d'Anciennetéit baséiert. An et geet hei virun allem eeben drëm, dass een do net dann hinnen um Enn a senger Karriär blockéiert ass.

Da wollt ech awer och nach e Wuert soen zu de Rekrutementen en général. Natierlech ass et ëmmer gutt, wann ee fuerdert, dass rekrutéiert gëtt, sief et an der Police oder anzwousch anescht. Mir hunn dat gemaach. De Policeminister huet extreem vill an der Police rekrutéiert, ech hunn extreem vill Posten opgemaach an der Magistratur. Natierlech muss een dann och déi Leit fannen. Och dat ass richtig, wat elo gesot ginn ass. An et ass och richtig, dass et eng Chaîne vu Responsabilitäten ass. Et geet net duer, op engem Enn ze rekrutéieren. Et muss een dat queesch duerch déi ganz Chaîne maachen, wa mer gär eng effikass Justiz hätten, wa mer gär en effikass Staat hätten. Duerfir ass dat heiten ee Schratt an déi Richtung.

Et bleift awer de Fait – an dat hu mer probéiert, duerch den Text vun de Referendairen ze adresséieren –, dass et einfach e Reservoir u Juristen/Juristinnen zu Lëtzebuerg gëtt, dee limitéiert ass, aus deem mer alleguerter puiséieren a wou mer natierlech alleguerter musse kucken, dass mer dat néidegt Personal fannen. Duerfir, d'Referendairë ginn do Méiglechkeeten, fir net mussen déi Lëtzebuurger Nationalitéit ze hunn. Dat ass bei de Magistraten net de Fall. Do muss een déi Lëtzebuurger Nationalitéit hunn, fir awer och an der Aarbecht vun der Magistratur d'Leit ze ënnerstëtzen.

Duerfir merci Iech alleguerter fir déi breet Ënnerstëtzung. Et ass awer heimmader net gedoen. Et kënnt nach e Plan pluriannuel fir d'Magistratur fir déi nächst Joren, wou mer d'Poste mussen insgesamt nach eng Kéier verstärken. An et muss och weiderhin un der Karriär vun der Magistratur geschafft ginn, fir dass déi och attraktiv bleift fir eng Fonctioun, déi d'Onofhängegkeet vun deenen, déi se ausüben, verlaangt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7863B. Den Text steet am Document parlementaire 7863B<sup>4</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7863B et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

#### 5. 8051 – Projet de loi portant modification :

**1<sup>o</sup> du Code de procédure pénale ;**

**2<sup>o</sup> de la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen et aux procédures de remise entre États membres de l'Union européenne**

Mir kommen elo zum Projet de loi 8051 iwwert d'Verankerung vun den Telekommunikationsmëttelen am Code de procédure pénale. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Charles Margue.

#### Rapport de la Commission de la Justice

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Den nächste Projet, léif Kolleeginnen a Kollegen, Här President, ass den 8051. Mir reegelen eng Rei Dispositionen am Code de procédure pénale aus der Covidzäit aus dem Gesetz vum 20. Juni 2020, dat mer scho méi oft modifizéiert hunn.

Dëse Projet ass den 21. Juli zejoert vun der Justizminnesch Sam Tanson deposéiert ginn. Den 1. Februar 2023 war en an der Kommissioun, wou och de Rapporteur bestëmmt gouf. Den Avis vum Staatsrot krute mer den 28. Februar 2023 an d'Kommissioun huet sech de 17. Mee domat befaasst an nach e puer Amendements

parlementaires ugehooll. Dunn huet de Staatsrot ganz schnell säin Avis complémentaire ginn, den 13. Juni, a mir hunn deen den 21. Juni analyséiert. Well de Staatsrot Gréng Luucht ginn huet, konnte mer dunn de Rapport den 28. Juni stëmmen.

Mir kruten nieft den zwee Avisa vum Staatsrot sechs Avisa vum de Justizautoritéiten, nämlech vum Bezirksgericht aus der Stad a vun deem vun Dikrech, vun deenen dräi Friddensrichte vum Esch, Dikrech an aus der Stad, vun der Cour supérieure a vum Parquet général. Dës waren alleguer positiv an hunn eng Rei nützlech Suggestiounen mat op de Wee ginn, notament wat déi elektronesch Kommunikatioun ubelaangt, zum Beispill d'Authentifikatioun vum de Persounen, d'Plaz vun den Interpreten an d'Delaïen, fir der just e puer ze nennen.

Ëm wat geet et? Mir enterinéieren eng Rei Modifikatiounen iwwert d'Reegele vun der Procédure pénale aus dem Gesetz vum 20. Juni 2020 – ech hunn et scho gesot – aus der Pandemiezeit. Et sinn dat: déi schréffleche Procédure fir d'Notifikatiounen am Code de procédure pénale; d'Auditioun vum Zeie via Visio- oder Audiokonferenz; d'Assistenz duerch den Affekot vun enger Persoun, déi net fräi ass, via elektronesch Kommunikatioun, wouduerch d'Confidentialité awer ofgesécher ass; d'Appellprozedure viru quasi allen Instanzen; de Recours virun der Chambre de l'application des peines vun der Cour d'appel; den Appell virun der Cour d'appel en matière de mandat d'arrêt européen aus dem Gesetz vum 17. März 2004.

De Gesetzesprojet féiert och eng Dispositioun am Kader vun der Flagrance an, wou en Officier oder en Agent vun der Police judiciaire eng Auditioun vun den Zeie ka maache via Audio- oder Visio- oder Audiokonferenz. Den Enregistrement dovunner geet mat an den Dossier an en ass dann Deel vum Beweismaterial.

De Gesetzesprojet vereinfacht d'Notifikatioun par voie écrite vun den Ordonnancé vum Untersuchungsrichter, wat Saisien a Perquisitionen ugeet.

Eng vun den Hauptfinalitéiten vum Gesetzesprojet ass schlussendlech, déi elektronesch Kommunikatioun ze erlaben, voire ze verallgemengeren, vun den Notifikatiounen am Appell a vum Greffe. Et geet virun allem ëm d'Kommunikatioun ënner Professionellen an der Justiz, awer och mat den Operateuren am Telekommunikationsberäich, wat Zäit an onnëtz Deplacementer spuert.

Weider Detailer iwwert dës Prozedure stinn am Gesetz an am schréffleche Rapport. Avis aux amateurs fir déi, déi méi wëlle wëssen. Ech sinn um Schluss a ginn heimat den Accord vun der grénger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Margue.

An den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden.

### Discussion générale

**M. Léon Gloden (CSV)** | Merci, Här President. Nach eng Kéier merci dem Här Margue fir de schréfflechen a mündleche Rapport. Verschidde Prozedure ginn eeben elo hei méi einfach, well mer dat iwwert déi nei Kommunikatiounsméiglechkeete kënne maachen. D'21. Joerhonnert feiert Entrée an de stroferechtliche Prozeduren – fir dat emol einfach därefer esou salopp auszudrécken. An da si mer erëm eng Kéier beim Délai raisonnable, well duerch déi verkierzt Prozeduren do- duerch, datt mer eppes kënnen iwwer Internet schécken, dauert et manner laang. An op där anerer Säit stärke mer awer och d'Rechter vun Prevenu, well notament den Affekot elo kann och mat sengem Client iwwer Telefon schwätzen am Kader vun enger Prozedur, wann e gehéiert gëtt – alles méi einfach.

A mir begrëssen dat ausdrécklech als CSV an duerfir ginn ech och den Accord vu menger Fraktioun.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Gloden. An deen nächsten ageschriwwene Riedner steet scho prett. An dat ass den honorabelen Här Pim Knaff.

**M. Pim Knaff (DP)** | Merci, Här President. Léif Kollegen a Kolleginnen, d'Derogatiounen am Code de procédure pénale aus dësem Projet de loi sinn net komplett nei, dofir wäert ech och net am Detail drop agoen. D'Mesure sinn 2020 duerch d'Pandemie eng éischte Kéier agesat ginn, deemools aus sanitäre Grënn, fir d'Leit ze schützen a fir trotzdeem e gutt Funktionement vun eiser Justiz ze erméiglechen. Mam Auslafe vun den eenzelnen Delaie si se duerno eng sëllege Kéiere verlängert ginn.

Allgemeng hu sech déi eenzel Mesuren, wéi beispillsweis d'Unhéierung vun Zeien iwwer Telekommunikatioun oder iwwer Videokonferenz, Recours virun der Chambre de l'application des peines vun der Cour d'appel oder och d'Assistance duerch den Affekot via Telekommunikatioun vu Leit, déi am Prisong setzen, iwwert déi lescht Jore bewäert. D'Mesuren hu sech bewisen, a wann een déi eenzel Avisa liest – vun dem Ieweschte Geriichtshaff, de Bezirksgericht, dem Parquet général, dem Barreau –, hunn all d'Instanzen d'Utilitéit vun dësen Derogatiounen am Code de procédure pénale confirméiert. An all den Avisa gouf et groussen Zousproch, soudatt et u sech nëmme Sënn mécht, dës Mesuren elo fest an eiser Prozedur festzhalen.

Wéi awer och virdrun, bleiwe se fakultativ. Si kënnen agesat ginn, mussen awer net. Et bleift och nach eemol ze rappeléieren, datt dës Derogatiounen d'Prinzippe vun der Proportionalitéit anhalen an och d'Rechter vum Justiciabelen zu all Abléck respektéieren.

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen, et ass net oft, datt e Projet op esou vill Zousproch stéisst. Quitte datt mer elo nëmme vereenzelt Mesuren huelen, sinn dës trotzdeem richtungsweisend an e Beweis dofir, datt mer um richtege Wee sinn, datt d'e-Justice a modern Prozedure fir d'Zukunft nach solle méi gefërdert ginn an och esou séier wéi méiglech sollen applizéiert ginn.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Knaff. An d'Wuert ass elo fir den Här Dan Biancalana.

**M. Dan Biancalana (LSAP)** | Merci, Här President. Ech wëllt och virop dem Rapportier Merci soe fir säi mündlechen a schréffleche Rapport. Ech mengen, de Gesetzesprojet vun haut, dee reit sech an dat an, wat mer och déi lescht Woche gemaach hunn, wéi mer an der Chamber eng Rei Gesetzter gestëmmt hunn, déi a Richtung Digitalisatioun vun der Justiz ginn. Ech mengen, nieft dem Notariat hu mer jo och en éischte vu siwe Paperless-Justice-Projekten hei gestëmmt, also e weidere Stee vun der Digitalisatioun vum Justizapparat, dee gesat gouf, a wou mer haut, mengen ech, e weidere Wee ginn effektiv an och elektronesch an digital Moyene ginn am Kader vun der Ofwécklung.

An international ass jo awer och opgefäll, dass Lëtzebuerg am Beräich vun der Justiz jo vill ëmsetzt, also och de Recommandatiounen nokënn vum der Europäescher Kommissioun, déi och an hirem alljärelechen Rapport iwwert d'Rechtsstaatlechkeet ervirgehewen huet, dass mer Efforte maachen um Niveau vun der Digitalisatioun. Si hutt dat unerkannt an hutt dat och ganz kloer, mengen ech, ervirgehewen.

Mat dem Gesetzesprojet, dee mer haut also stëmmen, gi mer an déi Richtung, dass mer d'digital Moyene verstärken. Dat ass am Fong och positiv fir dee ganze Justizapparat. An dofir ginn ech och heimadder den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Biancalana. An ech ginn d'Wuert elo un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Merci, Här President. An dem Här Margue nach eng Kéier merci fir all déi Méi, déi e sech haut gëtt. Wann dat esou weidergeet, da kommen aner Leit mat hire Rekorder a Gefor, wat d'Zuel vun de Rapporten ugeet.

Ech wollt vläicht soen, datt mer dat heite begrëssen, datt een awer op verschidde Punkten och muss op- passe mat der elektronischer Justiz oder digitaliséierter Justiz. Well et ass awer esou, datt zemools hei am penale Beräich awer eng grouss intime Conviction och vun de Richter, vun deene Bedeelegte muss do sinn, ier se hignin a Stroffuerderunge stellen oder Urteeler schwätzen.

Ech wëll just vläicht d'Beispill hei nennen – mee et kéint een och anerer nennen – vun der Audition vun den Temoinen. Ech mengen, wann en Agent oder en Officier de police judiciaire en Zeien héiert an dat op engem Büro ass, dann etabliert sech awer eng Vertrauensrelatioun, op jidde Fall eng aner Relatioun, wéi dat eventuell iwwer e Schiirm ass. Mir kennen dat alleguer iwwer eis Konferenzen, datt dat eeben net esou perséinlech ass, wa mer iwwer Video mateneen eng Reunión hunn, wéi wa mer zesummesetzen an engem Sall. An dat ass natierlech nach vill manner wichteg, wéi dat zum Beispill ass, wann elo en Zeien an engem Stroffprozess gehéiert gëtt.

Elo steet am Text natierlech, den Agent oder den Officier de police judiciaire muss sech zum Beispill der Identitéit vum Zeie versécheren mat alle méigleche Moyenen. Dat weist jo awer och schon, datt do eng kleng Onsécherheet ka bestoen. A wat och ass: Ass deen Zeien eleng? Gëtt et Dispositiounen, déi da soen, a wéi engem Lokal dat ass, wéi do d'Konditiounen sinn? Dat ass alles eigentlech net gereegelt, soudatt sech awer och do Méiglechkeete vun enger Rechtsensécherheet kënne presentéieren.

Also u sech ass dat hei eng ganz gutt Saach. Och déi Avisen, déi mer gesinn hunn, hu jo gewisen, datt eng Erlichterung positiv ugehooll gëtt, mee trotzdeem, mengen ech, ass et wichteg, ëmmer erëm ze insistéieren, datt virun allem am Kader vum Strofrecht – an hei si mer am Kader vum Strofrecht – eng héich Qualitéit vun deene verschidde Rechtsakten allzäit muss garantéiert bleiwen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. An dann ass et um honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Merci dem Charles Margue fir dee gudden schréfflechen a mündlechen Rapport. Hei ass eng Digitaliséierung dran. An ech hat et och schon eng Kéier an der Kommissioun gesot, dass mer mussen oppassen, dass d'Vertraulichkeet gewaart bleift, grad wann ee mat sengem Affekot schwätzt a wann ee vläicht Saachen, déi soss keen eppes geifen ugoen, an deene vertrauleche Gespréicher seet.

An do kommen ech dann op déi Iwwerleeung, déi ech och an der Kommissioun hat: éischters d'Vorratsdatenspeicherung, déi nach ëmmer aktiv ass, wou ganz kloer och den Affekot mat sengem Client erfaasst ass an deementsprechend och dat duerno



nozevollzéien ass – wat mir Piraten awer guer net gutt fannen a wat mer gären ofgeschaaft hätten.

Op där anerer Säit Äre Computersystem: Do gëtt et nach ëmmer Trojaner, et gëtt souguer Staatstrojaner. Ech mengen, mir haten alleguerten déi Diskussioun deemools, wéi déi Trojaner aus Israel opkomm sinn. Och dat sinn alles Saachen, wou een eigentlech awer muss vun den Affekoten hier hinne bäistoen, fir dass genau si dee Schutz hunn! Well et kann net herno sinn, dass op hire Computeren iergendwellech Software sinn, déi bedenklech sinn, well et si si, déi mussen déi Confidentialitéit mat hire Clientë behalen. Dofir si mir och der Meinung, dass grad Affekoten net dierften ënner eng Vorratsdatenspeicherung falen, dass net do dierft en Tracking gemaach ginn, wéini se wat mat de Clientë geschwat hunn. An och grad an de Videosoftware ass et immens wichteg, dass dat ganz clean bleift.

Mir wäerten eisen Accord hei ginn, mee mir warnen awer dervir, dass am Digitalen do och Gefore bestinn. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

### **Prise de position du Gouvernement**

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice |** Merci villmools. Also fir d'éischt emol: Et gesäit een, dass een och ka positiv Saachen aus där Pandemie zéien. Dat gesi mer a ville Beräicher. Dat huet een hei och gesinn. Hei sinn Dispositiounen, déi hu sech bewäert während der Pandemie. Dat sinn zum groussen Deel net Ausnamendispositiounen, mee alternativ Dispositiounen. Dat heescht, dass een zum Beispill bei den Temoinen net muss dorobber zréckgräifen, mee datt ee kann dorobber zréckgräifen. Eppes, wat mer an eise internationalen Kontext jo vill hunn, dat ass, dass et ka sinn, dass ee muss mat engem schwätzen, dee sech net um Lëtzeburger Territoire befënnt. Do ass et natierlech deemno wéi dann och einfach, fir kënne iwwer aner Weeër mat engem ze diskutéieren.

Zu de Suergen, déi elo nach formuléiert gi sinn: Also ech weess, mir hunn déi Diskussioun ëmmer erëm, mee et ass awer wichteg, et vläicht nach eng Kéier ze preziséieren. Also, bei der Vorratsdatenspeicherung, esou wéi se haut aktuell existéiert, wou et jo e Projet de loi gëtt, dee virun enger Zäit deposéiert gouf, dee sech soll upassen un d'Jurisprudenz vun der CEDH, ass et esou, dass Daten erhuewe ginn, dass se also do sinn, mee dass se net gekuckt ginn. A si kënne just gekuckt ginn am Kader vun enger Procédure pénale, wann d'Konditiounen erfëllt sinn, fir se ze kucken. An do gëtt et Secreten, déi fir den Affekot existéieren, an déi spillen natierlech och bei der Vorratsdatenspeicherung.

Dat heescht, ëmmer erëm dee Message ze vermëttelen, wéi wann do all déi Date géife gekuckt ginn, dat ass net richtig! Et ass esou, dass mer e ganz kloer prozedurale Kader och haut schonn hunn, deen iwwert dat erausgeet, wat d'Jurisprudenz vun der CEDH accordéiert, net wéinst dem Fall vun den Affekoten, mee well et generaliséiert ass. An et ass just a ganz spezifesch Fäll, wou dann de Richter och dorobber zréckgräift.

Bei den Trojaner ass et an nach vill méi spezifesch Fäll, well do hu mer eng ganz limitéiert Oplëschtung an eise Code de procédure pénale, wéini iwwerhaupt kann dorobber zréckgegraff ginn. An dat ass a Fäll vun Terrorismus a vu Sécherheet vum Staat, deen a Gefor ass. An dat ass d'ailleurs och eng Revendicatioun vun den Autorités judiciaires, fir kënne méi wäit do ze goen, well ëmmer erëm gesot gëtt, mir wieren net

op deem selwechten Niveau wéi déi Kriminell, wat eis Outil-digitalen ugeet. Mir sinn do extreem restriktiv. Och wann ech mat mengen Homologen am Ausland schwätzen, si mer extreem streng, wat dat doten ubelaangt. Et kann een net einfach esou d'Staats Trojaner asetzen.

An och hei gëllt natierlech: De Secret vum Affekot, dat ass e ganz wichtige Secret, deen ass international protegéiert an dee gëtt net einfach esou ausgehiewelt. Dat geet net! Dat geschitt net. An engem Rechtsstaat wéi Lëtzebuerg kann een dat net ëmmer erëm behaapten. Dat geschitt net einfach esou! Dat geschitt just an deene Konditiounen, déi méiglech sinn. Wann zum Beispill och eng Affär elo géint en Affekot géif gemaach ginn, da kann natierlech ..., do spillen dann déi normal Reegelen vum Affekot. Mee seng Relatioun mam Client, déi si geschützt, déi sinn och international geschützt, an dat ass och eppes, wat eis wichteg ass a wou mer ëmmer erëm ... A mir hate schonn oft déi Diskussioun an der Kommissioun, bei verschiddenen Texter. Wann en Doute war, wéi zum Beispill beim Whistleblower, dass dee Schutz a Fro gestallt wär, dann hu mer dat preziséiert, fir dass dat net sollt a Fro gestallt ginn.

Also dat hei ass wierklech eppes, wou et drëms geet, e Progrès ze hunn, deen d'Saach méi einfach mécht. D'Stéchwuert Digitaliséierung an der Justiz ass gefall. Dat ass e wichteg Stéchwuert a mir mussen op dee Wee goen an natierlech muss ee mat séchere Weeër fueren. An natierlech muss een och Alternativen hu fir déi Leit, déi mam Digitalen net ze erreeche sinn. Mee dat stellt op alle Fall net d'Relatiounen, déi confidential Relatiounen tëscht den Affekoten an de Clienten a Fro.

An ech wollt och nach profitéieren, fir dem Charles Margue Merci ze soe fir dës Rapporten, déi en elo haut gemaach huet, an ech weess, et stinn der nach e sëllegen u fir déi nächst Woch. Duerfir, ech weess net, wat de Rekord hei am Haus ass, mee e wäert op alle Fall net wäit dovun ewech sinn, wa mer fäerdeg sinn.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmools der Madamm Justizministesch. Parole après ministre fir den Här Clement.

**M. Sven Clement (Piraten) |** Merci, Här President. Ech fänken un, den Här Goergen wäert awer och nach eppes dozou soen. Ech fokusséiere mech just op déi Fro vum Trojaner, well ech den Erklärung vum der Madamm Ministesch elo gutt nogelauschert hunn. An ech gleewen och, datt d'Lëtzeburgeresch Autoritéiten keen Trojaner bei engem Affekot asetzen, wann dat net autoriséiert ass. Ech gleewen un eise Rechtsstaat.

Ech mierken awer aus änlech gelagerte Fäll aus dem Ausland, datt dat heefeg iwwert d'Bande gespillt gëtt. Mir si vläicht limitéiert mat eiser nationaler Gesetzgebung, mee auslännesch Déngschter sinn dat net. An do stellt sech dann d'Fro: Wat geschitt, wann dann en auslänneschen Déngscht Informatiounen liwwert, déi eeben aus genau esou enger Ecoute, déi ënner nationalem Recht illegal wär – ënner internationalem warscheinlech och, an awer gemaach gouf –, gewonne ginn? Do stellen ech mir d'Fro. Dat muss net an engem nationale Prozess sinn. Dat kann och an engem internationale Prozess sinn.

Mir alleguerten wëssen, datt zumindest een internationale Prozess mat lëtzeburgereschem Involvement am Moment besteet, wou och Déngschter interesséiert sinn. An do muss ech dann awer soen, datt ech mech net wonnere géif, wann och Trojaner agesat goufen, a vläicht och um Computer vun där Persoun, déi do mat hirem Affekot wëllt kommunizéieren, an deementsprechend keng Garantië gi sinn. Well mir kënne dat net garantéieren! Soubal et en Trojaner gëtt,

kënne mir net garantéieren, datt dat richtig ofleeft. Soubal een eng Schwaachstell ausnotzt, kann een net garantéieren, datt dat richtig gemaach gëtt, ausser natierlech eis rechtsstaatlech Prinzippien, déi dann zu Lëtzebuerg gëllen.

Mee leider ass d'Welt e bësse méi grouss wéi Lëtzebuerg. An ech wëll dat just ëmmer erëm ze bedenke ginn: Allkéiers wa mer iwwert d'Notzung vun esou Beweismaterial schwätzen oder iwwer digital Outile schwätzen, mussen mer eis bewosst sinn, datt et keng honnertprozenteg Sécherheet gëtt an datt dat Een-zegt, wat mer als Sécherheet hunn, d'Vertrauen ass. A mäi Vertrauen an de Lëtzeburger Rechtsstaat ass grouss, awer net onbedéngt an dee vun all anerem Land op dëser Welt.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Clement. Den Här Goergen freet nach d'Wuert.

**M. Marc Goergen (Piraten) |** Merci, Här President. Ech kommen nach op d'Inland zréck, an zwar op déi Vorratsdatenspeicherung. Dir hutt jo elo bestätegt, dass déi Daten erhuewe ginn. Mee eise Problem ass jo: Do hätte missen d'Affekoten ausgeholl ginn. Well Dir hutt jo elo gesot ... Et si privat Firmen en plus, déi déi Daten erhiewen, et sinn déi privat Firmen, déi dat alleguerten hunn. Dir kënnt jo guer net sécherstellen, dass net do iergendee Leak oder iergendeppes iergendeng Kéier geschitt! Dat kënnt Der net, well et ass privat, et gëtt net staatlech erhiewen. An dat ass eise Kritikpunkt. Dann hätt ee kënne higoen a soen: „Hei, déi vertraulech Gespréicher, wéi déi, déi hei am Text stinn, déi ginn ausgeholl, déi gi vun dëser Vorratsdatenspeicherung net erfaasst.“

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Goergen. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Madamm Justizministesch.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice |** Also, e puer Saachen ...

*(Interruption)*

Jo, hei, Pim, pardon ...

**M. Fernand Etgen, Président |** Fir d'éischt nach den Här Knaff.

**M. Pim Knaff (DP) |** Jo, merci. Nee, ech wollt just soen: Ech mengen, esou wéi et ausgesäit, wäerte mer deen Text jo awer stëmmen, ...

*(Hilarité)*

... soudatt mer awer e wäite Schrëtt an der Digitalisatioun vun der Justiz virukommen. Ech géif just wëlle mat op de Wee ginn, datt mer sollen drun denken, och déi néideg Budgeten dann anzesetzen, fir ëmmer performant Material ze hunn, well et ass net esou ganz einfach, zum Beispill eng Videokonferenz mam Prisong ze maachen, wann een déi aus der Etüd féiert. Vergiesst net, datt mer ëmmer performant Material brauchen, wa mer gären op deem dote Wee weiderginn!

**Une voix |** Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Här Knaff. An elo ass et dann un der Madamm Justizministesch.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice |** Ok, ech weess elo net méi, iwwer wat mer elo hei diskutéieren.

*(Hilarité)*

**Une voix |** Iwwert d'digital Justiz.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice |** Iwwert d'digital Justiz, genau! Ech sinn absolut d'accord, dass mer natierlech och mussen parallel an d'Infrastruktur ... Dat hu mer och gemierkt bei Covid, wéi hu misse séier Kameraen a sécher Leitungen an de

Prisong verbonne ginn. Dat ass alles richtig, do spillt ëmmer e ganzen Dëngen hannendrun. Dat ass ganz richtig, Här Knaff.

Zur Vorratsdatenspeicherung: Et ginn iwwerhaapt keng Verbindungen enregistriert tëscht Affekoten an anere Leit! Et gi just d'Nummeren enregistriert. Et geet guer net ëm de Contenu. Et geet zero ëm de Contenu. De Contenu gëtt net gespeichert! Dat ass wirklech extreem, extreem, extreem wichteg. An ech brauch hei näischt ze confirméieren, wat allgemeng bekannt ass: Mir hunn eng generell Vorratsdatenspeicherung zu Lëtzebuerg. Mir probéieren, dat anzedämmen.

Zu den Trojaner an zu dem Hacke vu baussen an zu ... Mee dat gëtt et fir alles! Dat gëtt et jo net just fir déi heite Kommunikatiounen. Dat muss all Affekot sech als Fro stellen, wéi e seng Etüd geréiert, well do ëmmer de Risiko besteet, dass ee kann an de Computer erakommen. Dat muss all Privatpersoun sech als Fro déi ganzen Zäit stellen. Dat heescht, dat ass eng Fro, déi existéiert. Natierlech existéiert déi! Mee grad vläicht vu Piraten, déi jo fir dat Digitalt stinn, mengen och jo net, dass dat dann herno de Punkt ass, woufir een da seet, dass een net e Schratt a Richtung Digitalisierung mécht.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci. Den Här Sven Clement freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President, an ech versprechen, da sinn ech och fäerdeg domadder. Ech wëll just soen: Mir ënnerstëtzen dat heite jo. D'Iddi ass gutt derhannert. „Parlament“ kënnt dovunner, datt een och iwwer Problemer mat gudder Saache ka schwätzen. An ech mengen, datt et wichteg ass, datt mer hei awer och op potenziell Problemer aginn. An ee vun deene potenzielle Problemer ass, datt de Lëtzeburger Staat mat Steiergelder Investitiounen an d'Recherche vu Faillë bezilt, andeem en Trojaner keeft! An elo kënnt Der mer erzielen: „Jo, mee déi ginn net géint d'Affekoten hei agesat.“ Mee doduerjer, datt et déi gëtt, gëtt et fir jiddweree méi onsécher! An dat ass dat, op wat mir wëllen hiweisen, a mir wäerten do och net midd ginn, dat ze maachen.

**M. Fernand Etgen, Président** | D'Madamm Tanson kritt nach eng Kéier d'Wuert.

**Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice** | Et deet mer leed, ech muss awer elo dann och nach eng Kéier dozou Stellung huelen. Hei gëtt elo alles matenee vermëscht. An et ass jo – nach eng Kéier – net e Punkt vu Staatstrojaner zu Lëtzebuerg, déi hei kënne mëssbraucht ginn. Et ass awer gutt, dass den Här Clement dat och elo zweemol ënnerstrach huet, obwuel en et selwer an d'Diskussioun bruecht huet. Mir hunn e ganz strenge legale Kader zu Lëtzebuerg, wéi déi Trojaner kënne agesat ginn! An et ass och néideg, dass se kënne agesat ginn, wann Der an Echange sidd mat Untersuchungsriichter, mat Polizisten, déi am internationale Kontext probéieren, der internationaler Kriminalitéit hannendrunzekommen. Dir wësst jo awer, mat wéi enge Moyenen dass do geschafft gëtt! Do leeft alles am digitale Beräich.

A wa mer kapituléieren a mir soen: „Mir iwwerloossen dat dem rechtsfräie Raum“, well mer net wëllen iergendwellech Agrëffer huelen, déi mer am net digitale Beräich souwisou scho laang och hunn, wou se akzeptéiert sinn, wou ofgelauschert ka ginn, wou kënne Saache gemaach ginn, wa mer awer do soen: „Dat maache mer am digitale Beräich net, well et dat Digitalt ass“, dann hu mer e Problem an der Bekämpfung a vun der Sécherheet och hei zu Lëtzebuerg. An duerfir muss mer eis déi Moyene ginn a mir mussen eis och an Zukunft d'Fro stellen, wéi mer mat deenen dote

Moyenen ëmginn an ob mer et net mussen ausweiden op méi Secteure wéi déi, déi et am Moment gëtt.

Mee zu Lëtzebuerg hu mer e ganz strenge legale Kader, deen och souguer fir d'Autorités de poursuite ze streng ass, wou se eis reegelméisseg soen, datt se frou wäeren, wann dat nach kéint ausgeweit ginn. A wa mer an engem Rechtsstaat sinn a mir hu kloer Reegelen, wéi dat ka benotzt ginn, a wa mer gär d'Sécherheet vun eise Bierger garantéieren a wa mer wëllen d'international Kriminalitéit bekämpfen, da muss mer och mat deenen dote Moyene schaffen. Da kann een dat net just dauernd verdäiwelen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci der Madamm Justizminister. Dese Punkt ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8051. Den Text steet am Document parlementaire 8051<sup>11</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8051 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen bei kenger Nee-Stëmm a bei kenger Abstentiuon ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **6. 8172 – Projet de loi portant modification :**

### **1° du Nouveau Code de procédure civile ;**

### **2° de la loi modifiée du 18 février 1885 sur les pourvois et la procédure en cassation**

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8172, eng Ofännerung vum Code de procédure civile. Op Proposition vum der Kommissioun gëtt no der Presentatioun vum Rapporteur ouni Diskussioun iwwert de Projet de loi ofgestëmmt. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, an dat ass nach eng Kéier den honorabelen Här Charles Margue.

## **Rapport de la Commission de la Justice**

**M. Charles Margue** (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President, nach eng Kéier. Duerno hunn ech Paus fir de Mëtteg. Ech hunn d'Charge, e weidert Gesetz am Justizwiesen ze rapportéieren. Et geet ëm d'Prozedur ënner anerem virun der Cour de cassation.

De Projet gouf den 13. Mäerz 2023 vun der Justizministesch Sam Tanson deposéiert an de Projet huet just dräi Artikelen. Den 28. Juni war en an der Justizkommissioun an de Rapporteur gouf bestëmmt. Den Avis vum Staatsrot vum 20. Juni gouf analyséiert. De 5. Juli hu mer de Rapport ugeholl. Mir kruten och en Avis vun der Chambre de Commerce, déi de Projet begréisst, gradewéi de Parquet général an d'Cour supérieure et an hiren Avise gemaach hunn.

Ëm wat geet et? Mir perenniséieren mat dësem Gesetzesprojet am Neie Code de procédure pénale verschiden temporaire Dispositiounen aus der Covidzäit, wat verschide Procédures écrites ugeet. Nach eng Kéier, wéi gesot: Während der Pandemie hate mer Prozeduren ageféiert, fir dass net méi ze vill Leit an de Gerichter a kleng Raim zesumme wieren. D'Prozedure konnte schrëfflech op Pabeier oder elektronesch gemaach ginn amplaz vun engem mëndleche Plädoyer am Geriichtssall. Physisch Presenz war also net méi an alle Fäll néideg.

Déi fundamental Reegel bleift awer weider déi, dass, wann eng vun de Parteie freet, dass d'Plaidoirië mëndlech an öffentlich virgedroe solle ginn, dat dann och weider esou ass.

D'Magistraten an d'Affekoten hu sech schnell un déi nei Prozedur gewinnt, déi awer de 15. Juli 2021 op en Enn gaangen ass. D'Justizkreesser hunn du gefrot, fir déi Moosnamen definitiv an de Code de procédure pénale (veuillez lire: Code de procédure civile) opzehuelen, wat mer dann haut maachen. En anere Virdeel ass nämlech och, dass méi Affären an enger Audienz traitéiert kënne ginn.

Déi Dispositioun iwwerdroe mer dann och an dat modifizéiert Gesetz vum 18. Februar 1885 iwwert de Pourvoi an d'Prozedur vun der Cassatioun.

Wéi de President et gesot huet, kënne mer direkt zum Vott goen, mir hunn nämlech de Rapport eestëmmege an der Kommissioun ugeholl. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | An ech soen dem Här Rapporteur Charles Margue Merci a ginn der Regierung d'Wuert.

(Mme Sam Tanson signale ne pas vouloir intervenir.)

Mir kënne dann och direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8172 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8172<sup>5</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8172 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentiuon ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann,*